Péitenger Fëscherclub

Bericht vum Sechs-Länner-Match 2024 an Holland zu Leleystad.

Fänken mer einfach mol hannen u mam Klassement. Péitenger Mädels a Jungs hunn de Match an Holland dëst Joer fir déi Lëtzebuerger Faarwen entscheet, an sech verdéngt déi 1te Platz geséchert. Dat Resultat ass nëmme méiglech gewiescht, well déi ganz Equipe samt Begleeder déi ganz Woch iwwer respektabel, hëllefräich a virbildlech mateneen ëmgaangen ass, an zesumme geschafft huet. A mengen iwwer 30 Joer, wou ech ob esou Matcher reegelméisseg matgefuer sinn, kann ech dësen als ee vu menge flottsten a meng Memoiren androen. Ee grousse Merci dofir riichten ech do un d' Memberen vum Péitenger Fëscherveräin.

Komme mer elo zum Eigentlechen, dem Bericht vum dësjärege Sechs-Länner-Match an Holland. Deen wéivillte Match dat elo ass, konnt ech net erausfannen. Mee ech mengen dass dësen traditionellen Tournoi elo awer scho mindestens säit iwwer 40 Joer ausgedroe gëtt. Laut dem hollänneschen Trainer, dem Jan Van Schendel steet dëst Fëschen och fest am Kalenner vun der FIPS. Wat e bëssen traureg war, ass dass d' Éisträicher ewell schonns fir 2te Kéier hannert eneen, hier Participatioun kuerzfristeg ofgesot hat. An dat aus organisatoresche Grënn, et ass keng Equipe fonnt ginn. Gefëscht ass ginn um Kanal Lage Vaart, zwëschent den Uertschaften Almere an Leleystad an der Provenz Flevoland.

Méindes sinn de gréissten Deel vun der Equipe Richtung Almere ugereest, an hu sech dunn Dënschdes Richtung Kanal gemaach, fir hiren éischten Training ze fëschen. Leider ass et och do ewéi hei a Lëtzebuerg, dass Strecken net méi gebotzt ginn. Dat hunn da missten d' Fëscher selwer ënnerhuelen. Dëst war leider och net

ongeféierlech well laanscht déi ganz Streck Planz vum Riesen-Bärenklau stoung, deem seng Mëllech, (eng ätzend Substanz) um Kierper verursaache kann. Eis Equipe huet Recht gutt gefaangen um Training, an haten och schonns zwou Varianten u Fudder getest.

Mëttwochs moies sinn och de Sven an ech dann un der Streck ukomm, an ech konnt dann och mat hinnen zesummen trainéieren. D' Waasserdéiften, jo déi hunn iwwerall variéiert ob der Streck. Zwëschent 1,80 a bis zu 4,00 Meter konnten Déifte schonns leien, an ob deene meeschte Platzen ass de Fong weider Richtung Mëtt vum Kanal nach gefall. Wat opgefall ass, wor dass Bréisseme gefaang gi sinn. Mat de klenge Fësch wor et relativ mau. Dat selwecht wor et och Donneschdes um Training. Bréissem huet sech als Haaptfësch erausgestallt. Kleng Fësch woren ze fänken, mee konnten awer am Gewiicht net vill ausmaachen. Vum hollänneschen Trainer si mer du gewuer ginn, dass dat schonns iwwerraschend war, dass Bréissem esou aktiv bäisse géif.

Fir déi éischte Manche si mer eis dann och eens ginn iwwer Fudder, a wéi mer et och setze géifen. De Mix vu Sensas Gros Gardon Fine mouture a Gardon noir mat 4 Liter terre de riviere noir si gemëscht ginn. Fir Eschen ze setzen hu mer 4 Liter terre de riviere noir geholl. Déi ganz Mixe sinn dann nach wieder mat Noir de Vigne ofgedonkelt ginn. Ufangsfidderung, mat der Hand, bestoung aus 8 Bullen vun der Fudder-Buedem Mëschung mat max. 1/8 Liter Fouilles. Ob Fudder sinn nach eng Kéier 4-6 kleng Boullen mat der Coupelle drop gesat ginn. Doran hate mer Casteren, Fouilles, futtis wäiss Mueden a geschnidden Wierm zougefügt. Als Montur hu sech Gewiichter zwëschent 1 an 2gr. am Beschten bewäert. Den Haaptköder wor de Vers de vase. En plus hu mer erausfonnt, dass Bréissem an der éischter Stonn ze fänken wor. Do muss een dann och ernimmen dass ons dat gutt gelongen ass. Wat

schued wor, ass dass et Freides praktesch déi ganz Manche iwwer, et wéi aus Eemere gereent huet. Och sinn Temperaturen em 10 Grad gefall am Verglach mam Dag virdrun. Doduerch ass Fëscherei och agebrach. No dëser éischter Manche loung eis Equipe dann awer schonn iwwerraschenderweis ob der éischter Platz. Also hate mer bis do mol alles richteg gemaach.

Fir Samschdes dann hu mer nach eng Kéier um Fudder variéiert. 2 Liter Fudder mat 4 Liter Buedem. De Mix fir mat der Coupelle bestoung weider aus schwaarzer Terre de riviere. Ufangsfidderung da mol ganz einfach, 4 Boullen Fuddermëschung ouni Eschen dran a 4 Boullen Buedem mat Eschen, Alles mat der Coupelle ugefiddert. No den Aussoen vun de Leit hannendrun an vun eisem Coach dem John wor ze héieren, dass mer no der éischter Stonn nees ob der éischter Plaatz louchen. Ech kann do nëmme vu mir schwätzen. No 30 Minutten hat ech mat 3 Bréissemen schonns 7 kg vu mengem Gewiicht gefaang. Dat berouegt, dat wësst der all. Allerdéngs ass wat Manche mei laang gedauert huet och festgestallt ginn dass aleng déi däitsch Equipe warscheinlech des 2te Manche fir sech entscheede kéint.

Punkt 15.00 Auer, Manche war eriwwer an et ass ofgewie ginn. Nodeems mer déi 1te Manche mat 10 Punkten fir eis entscheede konnten, si mer déi 2te Manche mat 12 Punkten déi 2te ginn am Tagesresultat. Am Total zesummen gerechent hu mer mat 22 Punkten dee Match fir eis entscheede kënnen. 3 Punkten am Total méi fir Däitschland. Holland mat 25 Punkten déi 3te Platz.

Wéi ëmmer zum Schluss e Merci un eise Veräin dee keng Käschten gescheit huet fir Equipe ze ënnerstëtzen. Dann u sämtlech Begleeder vum Veräin: Carmen, Jetty, Anny, Carlo, Sven, Bob, John an eise President de Fern. Merci un den Bob fir dass e mat um Training deel geholl huet. De John als Coach, vill gelaf fir bei den aneren Equippen kucken ze goen, ee grousse Merci. Merci och un den Dan deen seng Platz

dem Jang iwwerlooss an net gefëscht huet um Match. An da Merci u meng Equipe déi gefëscht huet: Tatiana, Jang, Alain, Joe an meng Wéinegkeet. Hei huet alles

gepasst, mol keng onnëtz Diskussiounen iwwer déi ganz Woch. An wann, ëmmer am Rahmen vun der Fairness an der Héiflechkeet. Hoffen dass et an Zukunft esou bleiwe kann. An dofir och mäin erneiten Opruff un Generatioun hannendrun. Scheit Iech net fir mat ze goen, respektiv wann der Iech qualifizéiert, och är Platz an den Equippen anzehuelen. Strukturen nach besser ausschaffen, da kënnen esou gutt Resultater och an Zukunft mol nees méi oft Zustan kommen. Mam selwechten Otemzuch wënschen ech och de Veräiner Feelen a Stadbriedemes alles Guddes fir Enn Juli ob der Weltmeeschterschaft an Slowenien.

Fernand Schmitt